



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7883 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Introduction de brancards électriques"

De CGDIS huet mech driwwer informéiert, dass seng Analys iwwert d'Aféierung vu Brancarde mat elektronischer Ënnerstëtzung, déi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7023 un den Deputéierte Sven Clement erwänt gouf, nach net ofgeschloss ass. Wéi d'Ambulanzen équipéiert ginn, ënnerläit exklusiv dem Établissement public CGDIS a kann dofir och net vun der Regierung, respektiv der Inneministesch beäntwert ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding